Zu der Angst, welche diese Seuche in unserem Dorfe verbreitete, kam noch eine andere. Am 5. September gegen $10\frac{1}{2}$ Uhr des Abends brach plötzlich, als Alles im Schlafe lag, eine furchtbare Feuersbrunst aus, die sich in einem Nu über sechs dicht aneinanderliegende Hütten verbreitete, so daß an die Rettung der in heller Lohe stehenden Häuser gar nicht mehr zu denken war. Auf den ersten Lärm der unglücklichen Bewohner dieser Hütten strömte bald Alles herbei, um dem Feuer Einhalt zu thun. Der Wind kam von Nordost. Diesem Umstande, so wie der rastlosen Thätigkeit der Herbeigeeilten haben wir es zu verdanken, daß nicht das ganze Dorf in Brand gerathen ist, da eben diese Stelle des Dorfes die gefährlichste war. Alles, was sich in den Hütten befand, ist ein Raub der Flammen geworden. Nur zwei dieser Wohnungen sind assecurirt. Der durch das Feuer angerichtete Schaden beläuft sich ungefähr auf 5000 Franken. Es befanden sich auch in diesen armen Hütten einige Cholerakranke. Sie flüchteten sich in die Gärten, und von hier brachte man sie gleich unter Obdach.

## 1866 - virun 155 Joer – d'Cholera Epidemie an der Gemeng Manternach



D'Preparatiounen – Et huet een d'Gefor gesi kommen.

Am Joer 1865 ass d'Cholera erëm a Frankräich ausgebrach. Aus de Léiere vun de Cholera Pandemie'en vun 1832 an 1849 wollt een et dës Kéier besser maachen an huet sech drop preparéiert:

De 15. Oktober 1865 sinn all d'Gemengen aus dem Land vum Generaldirekter Ernest Simons aus dem Intérieur ugeschriwwe ginn, fir eng oder zwou Kommissiounen anzesetzen: „da die Cholera wieder in Frankreich aufgetreten ist". **D'Aufgab vun dëse Kommissioune war et ënnert anerem d'Wunnenge vun den aarme Leit ze kontrolléieren an dofir ze suergen, datt all Dag uerdentlech geléft gëtt an datt néierens Kéip mat Dréck ronderëm leien.**




Weiderhin: „alle stehenden, verdorbenen Wasser, deren stinkende Ausdünstungen die Luft verpesten, sowie auch alle Anhäufungen von verdorbenen tierischen Abfällen" ze entsuergen.

Opgrond vun dëser Circulaire huet de Gemengerot vu Manternach an der Sëtzung vum 10. November 1865 zwou Kommissioune vu jeeweils 3 Memberen opgestallt.

## Kommissioun Berbuerg:

1. Mehn Bernard (1798-1883) aus dem Haus Gäertnesch, Schäffen zu Berbuerg, President
2. Larue Wilhelm (1813-1870) aus dem Haus Clerfs, Gemengerot Berbuerg, Member
3. Schram Michel (1822-1895) aus dem Haus Braisch, Gemengerot Berbuerg, Member

## Kommissioun Manternach:

1. Hoffmann Johann (1813-1875) aus dem Haus Neies, Schäffen zu Mënjecker, President
2. Prost Johann (1819-1892) aus dem Haus Braunen, Gemengerot zu Manternach, Member
3. Hirt Heinrich (1828-1907) aus dem Haus Plaatzen, Gemengerot zu Manternach, Member

## D'Chronologie vun engem Summer voller Leed

Am Bulletin vun der Société des Sciences médicales vun 1868 existéiert en detailléierte Bericht vum Distrikts-kommissär vu Gréiwemaacher iwwer de Verlaf vun der Epidemie. Déi éischte Krankheetsfäll an eise véier Dierfer:

15.06.1866 – Mënjecker
19.06.1866 – Berbuerg
26.06.1866 – Manternach
18.07.1866 – Lellig

## Statistik vun der Choleraepidemie an der Gemeng Manternach

| Ortschaft | Berbourg | Manternach | Lellig | Munschecker |
|---|---|---|---|---|
| Ongeféier Zuel vun Erkrankten | 350 | 150 | 5 | 45 |
| Doudesfäll vun Erwuessenen | 22 | 16 | 1 | 5 |
| Doudesfäll vu Mannerjäregen | 7 | 5 | - | 1 |
| Total Doudesfäll | 29 | 21 | 1 | 9 |
| Prozentsaz vun der Bevëlkerung | 3,68% | 6,67% | 0,45% | 3,9% |
| Awunnerzuel Vollekszielung 31.12.65 | 787 | 315 | 221 | 154 |

## Verstuerwen un der Cholera: Berbuerg

| | | |
|---|---|---|
| Boos Petrus | 07.10.1836 – 19.06.1866 | Haus: Georgen \| 5, Duerfstrooss |
| Frank Andreas | 10.01.1804 – 22.06.1866 | Haus: Zillen \| 11, um Bierg |
| Palgen Nicolas | 28.01.1818 – 27.06.1866 | Haus: Rousen \| 9, am Eek |
| Beck Regina | 06.10.1800 – 30.06.1866 | Haus: Kampen \| 2, um Bierg |
| Osweiler Odilia | 19.10.1811 – 03.07.1866 | Haus: Beckesch \| 14, um Bierg |
| Hurt Elisabetha | 26.01.1836 – 03.07.1866 | Haus: Reuter \| X, um Bierg |
| Herzig Barbara | 13.04.1848 – 04.07.1866 | Haus: Eiwen \| X, um Bierg |
| Steimetz Josephus | 15.11.1815 – 04.07.1866 | Haus: Schmatts\| X, Duerfstrooss |
| Hurt Antonius | 01.10.1789 – 04.07.1866 | Haus: Millech \| 3, Duerfstrooss |
| Kolbet Catharina | 13.11.1819 – 04.07.1866 | Haus: Kléiren \| X, um Bierg |
| Engel Elisabetha | 04.01.1864 – 04.07.1866 | Haus: Görgen \| X, um Schlooss |
| Schröder Mathias | 12.07.1859 – 10.07.1866 | Haus: Kneppges \| X, um Bierg |
| Kolbet Maria | 12.01.1827 – 14.07.1866 | Haus: Basten \| 17, um Bierg |
| Olinger Catharina | 03.06.1784 – 14.07.1866 | Haus: Schmitz \| 5, am Eek |
| Klein Johannes | 03.03.1821 – 15.07.1866 | Haus: Gridden \| 8, am Eek |
| Larue Maria | 27.02.1831 – 16.07.1866 | Haus: Gilson \| 34, Duerfstrooss |
| Back Joannes | 28.06.1792 – 16.07.1866 | Haus: Madelaine's \| 15, um Bierg |
| Bastian Barbara | 01.03.1863 – 17.07.1866 | Haus: Basten \| 17, um Bierg |
| Klein Johannes | 03.03.1821 – 15.07.1866 | Haus: Gridden \| 8, am Eek |
| Larue Maria | 27.02.1831 – 16.07.1866 | Haus: Gilson \| 34, Duerfstrooss |
| Back Joannes | 27.02.1831 – 16.07.1866 | Haus: Gilson \| 34, Duerfstrooss |
| Bastian Barbara | 01.03.1863 – 17.07.1866 | Haus: Basten \| 17, um Bierg |
| Hensel Catharina | 22.05.1863 – 17.07.1866 | Haus: Schangs \| X, Duerfstrooss |
| Poos Joannes | 20.02.1800 – 18.07.1866 | Haus: Schangs \| X, Duerfstrooss |
| Weber Appolonia | 16.12.1824 – 18.07.1866 | Haus: Ney \| 10, um Bierg |
| Larue Franciscus | 07.01.1812 – 18.07.1866 | Haus: Gilson \| 34, Duerfstrooss |
| Kersch Franciscus | 12.09.1862 – 19.07.1866 | Haus: Winzen \| 8, um Schlooss |
| Schaaf Catharina | 29.04.1865 – 21.07.1866 | Haus: Franzen \| X, am Eek |
| Dostert Magdalena | 02.03.1837 – 21.07.1866 | Haus: Rousen \| 9, am Eek |
| Wagner Maria | 24.02.1864 – 23.07.1866 | Haus: Madelaine's \| 15, um Bierg |
| Rippinger Joannes | 01.04.1829 – 26.07.1866 | Haus: Gridden \| X, Duerfstrooss |
| Weis Nicolas | 12.12.1839 – 19.08.1866 | Haus: Schoulmeestesch \| 13, Duerfstroos |
| Weber Michael | 27.12.1862 – 12.11.1866 | Haus: Reuter \| X, um Bierg |

## Verstuerwen un der Cholera: Lellig

| | | |
|---|---|---|
| Schmit Nicolaus | 19.01.1816 – 19.07.1866 | Haus: Schréidesch \| X, Burwee |

## Verstuerwen un der Cholera: Munschecker

| | | |
|---|---|---|
| Warken Johann Petrus | 18.12.1813 – 16.07.1866 | Haus: Kréiwech \| 3, Maacherwe |
| Bechtold Anna | 21.03.1826 – 27.07.1866 | Haus: Weins \| 4, Duerfstrooss |
| Weber Catharina | 17.08.1806 – 27.07.1866 | Haus: Schneidesch \| 3, Duerfstrooss |
| Wober Mathias | 26.09.1864 – 28.07.1866 | Haus: Zierden \| 7, Duerfstrooss |
| Warken Henricus | 24.09.1822 – 10.08.1866 | Haus: Weins \| 4, Duerfstrooss |

## Verstuerwen un der Cholera: Manternach

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Müller Petrus | 18.02.1813 – 28.06.1866 | Haus: Poossen \| 2, Iechternacherstrooss | Weis Johann Peter | 30.01.1835 – 09.07.1866 | Haus: Theis \| 22, Syrdallstrooss |
| Krier Johann | 24.02.1821 – 02.07.1866 | Haus: Kueben \| 1, Iechternacherstrooss | Metzdorf Anna Maria | 23.05.1837 – 10.07.1866 | Haus: Géierts \| 4, Millewee |
| Fell Petrus | 24.01.1829 – 05.07.1866 | Haus: Géierts \| 4, Millewee | Zimmer Helena | ??.??.1863 – 24.07.1866 | Haus: Méidengesch \| 11, Iechternacherstrooss |
| Weis Petrus | 12.09.1809 – 06.07.1866 | Haus: Muerten \| 2, op der Gare | Schiltz Nicolas | 14.05.1805 – 11.07.1866 | Haus: Théilen \| 21, Syrdallstrooss |
| Fell Catharina | 20.07.1831 – 16.07.1866 | Haus: Géierts \| 4, Millewee | Weis Catharina | 30.05.1818 – 12.07.1866 | Haus: Wäis \| 1, op der Gare |
| Zimmer Petrus | 05.10.1801 – 07.07.1866 | Haus: Théilen \| 21, Syrdallstrooss | Zimmer Maria | 22.06.1809 – 14.07.1866 | Haus: Heesch \| 10, Syrdallstrooss |
| Weis Mathias | 09.09.1842 – 07.07.1866 | Haus: Muerten \| 2, op der Gare | Fell Maria Catharina | 14.08.1865 – 13.07.1866 | Haus: Géierts \| 4, Millewee |
| Hansen Franciscus | 05.08.1840 – 08.07.1866 | Haus: Suelech \| 23, Syrdallstrooss | Thomes Margaretha | 27.10.1798 – 20.07.1866 | Haus: Franken \| 7, Syrdallstrooss |
| Fell Joannes | 24.02.1806 – 08.07.1866 | Haus: Géierts \| 4, Millewee | Weis Johann | 11.04.1851 – 20.07.1866 | Haus: Wäis \| 1, op der Gare |
| Weis Johann Peter | 30.01.1835 – 09.07.1866 | Haus: Theis \| 22, Syrdallstrooss | Haag Michael | 06.02.1864 – 28.07.1866 | Haus: Péitesch \| 2, Gaardewee |
| Fell Joannes | 24.02.1806 – 08.07.1866 | Haus: Géierts \| 4, Millewee | Schou Johann Nicolas | ca. 1830 – 29.07.1866 | Haus: Barnich (Gare) \| X, op der Gare |

## 1872 – 2. September – Mënjecker steet a Flamen






Wéi folgenden Artikel beschreift hunn a kuerzer Zäit Owes géint 19:30 Auer 10 Haiser mateneen gebrannt. D'Pompjeeë konnte vun den Haiser net méi vill retten. Vun 21 Haiser waren der herno 8 dem Feier verfall.

Grevenmacher, 3 septembre. — Hier soir, vers 7½ heures, la cloche d'alarme nous a fait quitter brusquement le souper; les cris: au feu! au feu! ont augmenté notre frayeur. Les rues se sont remplies aussitôt de monde et à la vue de la rougeur du ciel on se dit qu'un vaste incendie avait éclaté près de Grevenmacher. En effet, le village de Munschecker était tout en flammes. Cette localité est située sur une hauteur et l'eau y manque; aussi croyait-on qu'elle serait réduite tout entière en cendres.

L'abondance des récoltes avait forcé les habitants à entasser la paille, les blés ou fourrages tout près, trop même, des bâtiments.

On dit qu'un petit garçon, portant une lanterne, avait aidé sa mère à donner le fourrage aux bestiaux, et que, en sortant de l'étable, il a fait un faux pas et est tombé sur un tas de paille. Dans cette chute la lanterne se serait brisée et aurait communiqué le feu au tas de paille. Les flammes se seraient étendues rapidement et auraient attaqué l'écurie, la maison d'habitation et de là les maisons voisines.

Le corps des pompiers de Grevenmacher se rendit promptement sur le théâtre de l'incendie, mais à son arrivée dix maisons étaient déjà en feu. Comme elles étaient couvertes en chaume et que l'eau manquait, il n'y avait pas moyen d'éteindre le feu; mais il ne restait plus qu'à préserver les habitations non atteintes. On y réussit à force d'efforts.

Munschecker n'a que 21 maisons et 8 en sont détruites. Ce sont celles des sieurs:

1) Berg Michel-Schmidt
2) Lentz Michel-Lakaff
3) Krier Guillaume
4) Bechtold François (les héritiers)
5) Ziegler François-Lenz
6) La maison du pâtre
7) Klein Jean
8) Muller Pierre (les héritiers) et une petite écurie de Schiltz Jean-Reinhard

D'après une autre communication, dix maisons seraient brûlées.

Les trois premières habitations sont assurées près „la Paternelle"; les trois autres près la compagnie „Assurances Générales" de Bruxelles et les deux dernières ne sont pas assurées. La perte ne peut être évaluée exactement, mais elle s'élève au moins à 50,000 fr.

Les incendies de Budler et de Munschecker doivent rendre les autorités attentives au danger qu'il y a d'entasser les récoltes tout près des maisons. Il serait à désirer que le Gouvernement publiât un règlement de police de sûreté générale, ou qu'il rappelât du moins les autorités locales à l'accomplissement de leur devoir.

Il est à craindre que les incendies de Budler et de Munschecker ne sont les précurseurs de beaucoup d'autres.

# 1979 – De „Wolkenbruch“ - Lelleg gëtt vu Waassermassen erschloen

Péngschtdënschdeg, de 6. Juni 1979 wäert wuel kee Lelleger vergiessen. Mëttes géint hallwer dräi ass e sougenannte „Wolkenbruch“ iwwer Lelleg erofgaangen. **No nëmmen e puer Minutten hunn d’Waassermasse sech an der Strooss gestaut, hu Kellere, Ställ an Haiser bis zu 50cm voll Waasser gestane.**

D’Zerstéierung vun der Waasserkraaft war esou grouss, datt de ganze Makadamm an der Hiel matgerass ginn ass, an do duerch d’ganz Strooss futti war. Och sinn iwwerall esouvill Beem entwuerzelt ginn, datt an der Strooss tëschent Manternach a Lelleg e klenge Séi vun 3m Déift entstanen ass. De Kommandant vun de Lelleger Pompjeeën huet wéinst de schwéiere Schied d’Pompjeën an d’Protection Civile vu Berbuerg, Manternach, Mäertert, Kanech, Waasserbëlleg an Iechternach als Ënnerstëtzung ugefuerdert.







Wéi de Renfort aus der ganzer Ëmgéigend ukomm ass huet sech hinnen e Bild vun der Zerstéierung gewisen a si hunn nach vill Stonnen zu Lelleg gehollef fir d’Situatioun erëm ënner Kontroll ze kréien.

**Zum Gléck war kengem Mënsch eppes geschitt. Och war et de Lelleger Pompjeeën mat de Baueren an de Leit aus dem Duerf zesumme gelongen dat jonkt Véi virum Erdrénken ze retten.** De Materialschued war awer leider héich.











**Recherchéiert an zesummegestallt vum Claude Theisen**
**Quellen:**
Brochure – Fête Cantonale 14 juillet 1968 Sapeurs-Pompiers Berbourg
Brochure – 75 Joër Berburger Pompjeën 9. Juli 1978
Brochure – Fanfare Berbourg 1887-1987
Brochure – Journée Cantonale Sapeurs-Pompiers Lellig 1993
**Kaarten a Kadaster:** Etat du Grand-Duché de Luxembourg

**Fotoen:** Gemengen-Archiv & Thiel Edmond
**Zeidungsartikelen:** eluxemburgensia.lu
**Extrait'en aus de Kierchebicher:** matricula-online.eu
**Généalogesch Recherchen:**
luxroots.lu, familysearch.org, matricula-online.eu
Nationalarchiv Luxembourg
D'Stackhaiser aus der Gemeng Manternach - Berbuerg

# De Klaatsch & Traatsch



GEMENG
manternach

# A Wiewesch

Den Agenda an Aktuelles aus dem Centre A Wiewesch.

10

## Oktober

02 **Wein Wanderung mit Verkostung**
Palmbierg | 14.00h - 17.00h

09 **Streu-Obst Wiese**
Awiewesch | 10.00h - 12.00h

10 **Pilz Wanderung**
Awiewesch | 14.00h - 17.00h

15 **Forest bathing (EN / LU)**
Awiewesch | 14.00h - 16.00h

16 **Viez Aktivität für Familien**
Awiewesch | 10.00h - 13.00h

16 **Esel Wanderung**
Awiewesch | 14.00h - 17.00h



09

## September

01 **Leben in Weinberg & Trockenmauer**
Awiewesch | 15.00h - 17.00h

05 **Wein Wanderung mit Verkostung**
Palmbierg | 14.00h - 17.00h

08 **Naturkundliche Wanderung**
Awiewesch | 17.30h - 20.30h

11 **Eselwanderung**
Awiewesch | 10.00h - 13.00h

12 **Erzählspaziergang Schluchtwald**
Awiewesch | 11.00h - 14.00h

16 **Forest bathing (EN / LU)**
Awiewesch | 14.00h - 16.00h

22 **Singen im Wald**
Awiewesch | 14.00h - 17.00h

28 **Esel Wanderung**
Awiewesch | 18.30h - 20.00h

**Vum Naturschutzzentrum A Wiewesch aus,** bidde mir iwwert d'ganz Joer flott thematesch Féierungen duerch d'Natur a Begleedung vun eisen Ieselen un.

Iesele si geselleg Déieren, dofir siche mir Ieselsfrënn déi sech ëm den Nicolas an den Antoine op fräiwëlleger Basis këmmere wëllen. Hutt Dir Loscht an Zäit, Iech ze engagéieren, dann mellt Iech op **awiewesch@anf.etat.lu.**

Weider Renseignementer kritt Dir och iwwert den Telefon: **+352 24 75 65 03.**





# État civil

## Gebuerten

- HAAG Darya
  **26.02.2021**
- HERMES Lucy
  **05.03.2021**
- PALLMER Leonie
  **15.03.2021**
- FEY Lilly
  **27.04.2021**
- ARMENZANI Luca
  **28.04.2021**
- IBENDAHL Lahja
  **20.04.2021**
- ESPINOSA Elfi
  **16.05.2021**
- SCHNEIDERS Ena Mae
  **14.06.2021**
- WEIS Mathilde
  **02.07.2021**
- WOHL James
  **15.07.2021**

## Bestietnesser

- ARMENZANI Joël & ARMENZANI Daniela Michaela
  **13.03.2021**
- KUBICA Kevin & BOES Jennifer
  **28.05.2021**
- BIWER Marc & SCHMITZ Jill Christiane
  **11.06.2021**
- STEPHAN Johannes Milton & CHOQUE Nathalie
  **12.06.2021**
- WEICKER Sam & KRANZ Marina
  **30.07.2021**
- TOPI RaouL & MADRÉE Fabienne
  **21.08.2021**

## Stierffäll

- HURT Johann Peter Karl
  **09.03.2021**
- FISCHER Marie
  **11.03.2021**
- BRAAS J. Maria Susanna
  **12.03.2021**
- SCHUMANN Romain
  **29.03.2021**
- WAGENER Nicolas
  **07.04.2021**
- HACK Raymond Mathias
  **21.04.2021**
- SCHMIT Anna Maria
  **06.05.2021**
- WILHELM Annette
  **14.05.2021**
- WAGNER Alice Marie
  **18.05.2021**
- KARIGER Nicolas
  **20.05.2021**
- HENENFELD Edmund
  **20.06.2021**
- BODSON Julie
  **04.07.2021**
- MEHN Marie Jakob Lucien
  **16.07.2021**
- SCHROEDER J. Pierre
  **12.08.2021**



# Happy Birthday




## Gebuertsdag M. Kersch

Den 29. Juli 2021 huet de Schäfferot vun der Gemeng Manternach dem Här Roger Kersch, dee selwer laang Zäit Member am Schäffen- an am Gemengerot war, fir säi 85. Gebuertsdag gratuléiert.



## Gebuertsdag M. Hirt

Den 12. August 2021 huet de Schäfferot dem Här Alphonse Hirt, dee fréier Gemengenaarbechter op der Gemeng Manternach war, fir seng 85 Joer gratuléiert.

# Verstoppte Plaz





## Peschtkräiz

**Geschicht:**
Ëm 1636, wärend der Pestepidemie, sinn déi gesond Leit aus dem Duerf an de Bësch geflücht a sinn do bliwwe bis d'Duerf vun de Peschtkranken "berengescht" war. Et géif ee jo éier mengen, datt déi gesond Leit déi krank aus dem Duerf gejot hätten, mee effektiv war et emgedréint.

**Weebeschreiwung:**
Dir fannt dës Verstoppte Plaz an der Verlängerung vum Kéiwee zu Berbuerg.

**Geo Koordinaten:**
96250 E | 89666 N

Lon / Lat WGS84:
6.39357 E | 49.74127 N

Lon / Lat WGS84 DMS:
6° 23′ 36,8″ E | 49° 44′ 28,5″ N

Lon / Lat WGS84 DM:
6° 23,61425′ E | 49° 44,47609′ N

WGS84 UTM:
312215 | 5513125 (UTM32N)

Héischt:
305.51 m

# D'Foto vum Mount




Eng vun eisen neie Bänken déi vun de Gemengenaarbechter selwer gebaut gi sinn.



Schéckt är Foto op
**secretariat@manternach.lu**
fir déi nächst Editioun vum Buet

# Den Zäit-verdreif



GEMENG manternach

# De Gemengequiz

## 01 Firwat ass de Groesteen a 4 Stécker gebrach?

a. ☐ Den Däiwel huet ze wëll drop gedanzt

b. ☐ D'Nazien hunn no dem hellege „Gral" drënner gesicht

c. ☐ Am 30 järege Krich gouf ënnert dem Dolmen no engem Kelteskelett gegruewen

d. ☐ Virun 100 Joer hun 2 Borschten de Stee gesprengt well si dorënner e Schatz gesicht hunn

## 02 Wéini gouf d'Gemengenhaus gebaut?

a. ☐ 1820 b. ☐ 1650

c. ☐ 1758 d. ☐ 1910

## 03 Wéivill Leit wunnen am Moment zu Lellig?

a. ☐ ca. 200 b. ☐ ca. 350

c. ☐ ca. 250 d. ☐ ca. 520

## 04 Ween war den éischten Buergermeeschter?

a. ☐ J.L. Faber

b. ☐ B. Neis

c. ☐ J. Lamort

d. ☐ Baron J. Ph. D'Arnoult et de Soleuvre

## 05 Wéi laang ass de Wanderwee „Traumschleife"?

a. ☐ 12 km b. ☐ 15,9 km

c. ☐ 8,3 km d. ☐ 9,6 km

## 06 Wéi heescht den Centre Culturel zu Berbuerg?

a. ☐ Centre Berreperch b. ☐ Centre Beaurepaire

c. ☐ Centre Bearepeir d. ☐ Centre Berperich



D'Léisunge fannt dir op der Säit 83.

# Burger Rezept

**fir de Summer mat engem Grillfest ofzeschléissen**

**01** Rull ongeféier 100 Gramm vum Rëndsfleesch zu enger Kugel a klapp et erof bis en e Fanger déck ass. Widderhuele mam Rescht vum Rëndsfleesch.

**02** Wierz béid Säite mat Salz a Peffer (je no Präferenz) a brod se fir 2 an eng hallef Minutt pro Säit. Lee dann nach 1 Stéck Kéis op de Burger derbäi a looss se nach fir eng kuerz Zäitchen um Grill fir dass de Kéis schmëlzt.

**03** Lee d'Burgerbroud duerno och kuerz op de Grill fir et ze toaste bis et goldbrong ass.

**04** Mix all d'Zooss-Zutaten a setz et op d'Säit.

**05** Zäit fir dëse Bad Boy ze bauen! Sträich d'Burger Zooss op d'Brout, stree Zwiwwelen drop, lee gerappten Zalot drop, a lee dann de Burgerpatty mam Kéis drop. Zum Schluss lee da nach dat lescht Stéck Brout drop.

**06** Bäiss dran a loosst et op der Zong zergoen!

**Nutrition Calories: 1774**
**Fat: 131 grams**
**Carbs: 69 grams**
**Fiber: 7 grams**
**Sugars: 17 grams**
**Protein: 74 grams**

**Gudden Appetit!**

**Zutaten fir de Burger:**
400 Gramm Gehacktes
Salz
Peffer
Burgerbroud
Chedderkéis

**Zalot:**
Ënnen
Dënn geschnidde Laitue
Kornischong

**Burger Zooss:**
Mayonnaise (120 g)
1 TL Wäissen Esseg
1 TL Moschtert
1 TL Knuewleckspudder
1 TL Ënnenpudder
1 TL Paprika
1 / 2 TL Wäisse Peffer





Wann dir vun ärer Kachkonscht iwwerzeegt sidd a mengt dir wiert de beschte Kach aus der Gemeng, da schéckt eis äert Lieblingsrezept op **secretariat@manternach.lu.**

Mir publizéieren dann är sensationellt gutt Rezept an der nächster Ausgab fir dass d’Leit aus der Gemeng dat kënne kachen.

# De Raider



GEMENG
manternach

## Uwiesend / *Présents:*

HOFFMANN Jean-Pierre, Buergermeeschter / *Bourgmestre*
KLEIN-UNGEHEUER Alix, Schäffin / *Échevine*
THEISEN Claude, Schäffen / *Échevin*
KLEIN-SEIL Henriette, THOSS-LEHMANN Marie-Rose, MEHLEN Robert, KRIER-STEINMETZ Isabelle, HELLERS Franky, Gemengerot / *Conseillers*

## Uwiesend via Visiokonferenz / *Présents via visioconférence:*

SCHRAM-PETRI Alice, Gemengerot / *Conseillère*

## Absent / *Absents:*

a) entschëllegt / *excusé(e)s:* KLEIN-UNGEHEUER Alix, Schäffin / *Échevine (pt.6)*
b) onentschëllegt / *sans motif:* /

# Gemengerotssëtzung *Réunion du conseil communal*

## vum *du* 24.03.2021

### 1. Unhuele vu Recetten

Déi folgend Recette goufen eestëmmeg vun de Membere vum Gemengerot ugeholl:

### *1. Approbation de recettes*

*Les titres de recettes suivants ont été approuvés à l'unanimité des voix des membres présents:*

### *Titres de recettes 2020 & 2021*

| *Article budgétaire* | *Libellé* | *Montant* |
|---|---|---|
| *2 / 132 / 708212 / 99001* | *Loyer Centre Culturel Kraizstrooss* | *2 745,00 €* |
| *2 / 132 / 708212 / 99001* | *Loyer Centre Culturel Kraizstrooss* | *10 980,00 €* |
| *2 / 412 / 702200 / 99002* | *Vente de bois long* | *2 600,43 €* |
| *2 / 170 / 744560 / 99001* | *Vente de bois long* | *4 928,16 €* |
| *2 / 413 / 708211 / 99001* | *Location de la chasse / pêche* | *936 769,00 €* |

| | | |
|---|---|---|
| *2 / 413 / 708211 / 99001* | *Location de la chasse / pêche* | *34,52 €* |
| *2 / 425 / 705100 / 99001* | *ICC 1er trimestre* | *26 000,00 €* |
| *2 / 850 / 708212 / 99001* | *FDGC trance janvier 2021* | *848 621,00 €* |
| *2 / 850 / 708212 / 99001* | *Subside late night bus 2020* | *3 772,00 €* |
| *2 / 322 / 708212 / 99001* | *Contrat de louage biens immeubles 2020, 2019* | *67 756,92 €* |
| *2 / 322 / 708212 / 99001* | *Contrat de louage biens immeubles 2018* | *16 939,23 €* |
| *2 / 322 / 748380 / 99001* | *Convention transfer biens meubles* | *106 611,47 €* |
| *2 / 612 / 708212 / 99001* | *Loyer janvier- décembre 2021 (F.LIES)* | *5 354,52 €* |
| | **Total :** | **1 096 308,73 €** |

## 2. Upassung vun den Indemnitéiten fir d'Leit déi d'Vollekszielung maachen

De Gemengerot ass eestëmmeg d'accord fir d'Indemnitéiten fir d'Leit, déi d'Vollekszielung maachen, folgendermoossen unzepassen :

**1,00 € fir all gezielten Immeubel**
**2,00 € fir all gezielten Stot**

## *2. Adaptation de l'indemnité des recenseurs de la commune de Manternach*

*Le conseil communal décide à l'unanimité des voix des membres présents d'accorder en complément de l'indemnité allouée par l'Etat aussi une part de la commune et de fixer les indemnités suivantes, à savoir :*

***1,00 € par immeuble recensé***
***2,00 € par ménage recensé***

## 3. Unhuelen vum Compte administratif a vum Compte de gestion de l'exercice 2019

Nom Ofschloss vum Exercice 2019, sinn de Compte administratif an de Compte de gestion de l'exercice eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl ginn. De Ministère huet allerdéngs festgestallt dass verschidden Decompten nach ze maache wären.

## *3. Approbation du compte administratif et du compte de gestion de l'exercice 2019*

*Après la clôture de l'exercice 2019, le compte administratif et le compte de gestion ont été approuvés à l'unanimité des voix des membres présents. Le ministère a désormais fait la remarque sur le fait que certains décomptes restent à faire.*

## 4. Unhuelen vun engem Devis fir den Amenagement, de Parking an de behënnertegerechten Accès vun der Kierch zu Lelleg

D'Membere vum Gemengerot hunn eestëmmeg den Devis fir de Projet ugeholl, dee sech wéi follegt zesummesetzt :

## *4. Approbation du devis concernant l'aménagement parking et mise en conformité de la voie d'accès à l'église de Lellig*

*Le conseil communal décide à l'unanimité des voix des membres présents d'approuver le devis concernant le projet en question comme suit :*

| *Désignation des travaux* | *Prix* |
|---|---|
| *Génie-civil accès rampe* | *23 371,00 €* |
| *Génie-civil parking voitures* | *9 571,50 €* |
| *Main courante* | *7 000,00 €* |
| *Éclairage* | *3 096,10 €* |
| *Total travaux htva* | *43 038,60 €* |
| *Tva 17%* | *7 316,56 €* |
| **Total TTC** | **50 355,16 €** |

*Opgeronnte Montant dee gestëmmt ginn ass / Total arrondi à voter: 52 000€*

## 5. Decisioun iwwer d'Verlängerung vun der Konventioun mam Groupe d'Action Locale LEADER Miselerland bis den 31. Dezember 2022

D'Membere vum Gemengerot hunn eestëmmeg fir d'Verlängerung vun der Konventioun bis 2022 gestëmmt.

## *5. Décision concernant la prolongation de la convention vec le groupe d'action locale Leader Miserland jusqu'au 31 décembre 2022*

*Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents la prolongation de la convention avec le groupe d'action locale Miselerland jusqu'en 2022.*

## 6. Decisioun iwwer de prinzipiellen Accord fir de Bäitrëtt zum zukünftegen Groupe d'Action Locale (GAL) Leader Miselerland fir den Zäitraum 2023-2029

D'Membere vum Gemengerot hunn eestëmmeg decidéiert dës Decisioun op e spéideren Zäitpunkt ze verleeën a beim LEADER eng Presentatioun vum Apport ze froen.

## *6. Décision concernant la prolongation de la convention avec le groupe d'action locale Leader Miserland jusqu'au 31 décembre 2022*

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité des voix des membres présents d'ajourner la question jusqu'à un conseil plus tard, et de demander au LEADER de faire une présentation concernant leur apport.*

## 7. Unhuelen vun engem Morcellement

D'Membere vum Gemengerot hunn eestëmmeg de Morcellement vun der Parzell 849 / 3275 an der Sektioun A vu Lelleg ugeholl.

## *7. Approbation d'un morcellement*

*Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents le morcellement de la parcelle 849 / 3275 section A de Lellig.*

## 8. Ordinär an extraordinär Subsiden fir d'Veräiner

De Gemengerot huet eestëmmeg decidéiert folgend ordinär Subsiden zu Laaschte vun de jeeweilegen Artikelen vum Budget 2021 un d'Veräiner ze verdeelen:

| *Nom du Club / de l'Association* | *Montant* |
|---|---|
| *Chorale Sainte Cécile Lellig* | *1 000,00 €* |
| *Chorale Ste Cécile Manternach* | *1 000,00 €* |
| *Bech-Berbuerger Musek* | *3 000,00 €* |
| *Bech-Berbuerger Musek - Formation jeunes* | *2 400,00 €* |
| *Geschichtsfrënn Manternach* | *500,00 €* |
| *Fibi Bitztreff* | *500,00 €* |
| *Den Rudden Hunn* | *500,00 €* |
| *Mënjecker Kueben* | *500,00 €* |
| *Classic Vehicle Club Berbourg* | *500,00 €* |
| *Club des Jeunes Lellig* | *500,00 €* |
| *Club des Jeunes Manternach* | *500,00 €* |
| *Photoclub Mandiac* | *500,00 €* |
| *Fraën a Mamme Lellig* | *500,00 €* |

De Gemengerot huet eestëmmeg decidéiert folgend extraordinär Subsiden zu Laaschte vun de jeeweilegen Artikelen vum Budget 2021 un d'Veräiner ze verdeelen:

## *8. Subsides ordinaires et extraordinaires aux associations locales*

*Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents d'allouer les subsides ordinaires suivants à charge des crédits respectifs du budget de l'exercice 2021:*

| *Nom du Club / de l'Association* | *Montant* |
|---|---|
| *Syndicat d'initiatives Manternach* | *1 250,00 €* |
| *Syndicat d'initiatives Berbourg* | *1 250,00 €* |
| *FC Berdenia Berbourg* | *3 000,00 €* |
| *BBC East Side Pirates* | *3 000,00 €* |
| *Chess-Atmosphere Manternach* | *500,00 €* |
| *DT Berbuerg* | *3 000,00 €* |
| *Fit a Flott Lellig* | *1 250,00 €* |
| *Fit Fiissercher Manternach* | *1 250,00 €* |
| *Let's Dance Manternach* | *1 250,00 €* |
| *KC Terres 01 Lellig* | *500,00 €* |
| *Jugendpompjeeën Gemeng Manternach* | *1 000,00 €* |
| *Pompjeeën Gemeng Manternach* | *1 500,00 €* |
| *ELVERE* | *500,00 €* |

*Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents d'allouer les subsides extraordinaires suivants à charge des crédits respectifs du budget de l'exercice 2021:*



## 9. Zousätzlech ordinär Subsiden fir d'Traineren vun Jugendequipen

De Gemengerot huet eestëmmeg decidéiert folgend zousätzlech ordinär Subsiden fir d'Traineren vun Jugendequipen zu Laaschte vun de jeeweilegen Artikelen vum Budget 2021 un d'Veräiner ze verdeelen:

## *9. Subsides ordinaires complémentaires aux associations sportives pour l'entrainement des jeunes*

*Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents d'allouer les subsides ordinaires, complémentaires pour Jeunes suivants à charge des crédits respectifs du budget de l'exercice 2021:*




## 10. Syndikater / Kommissiounen – Informatioune vun den Delegéierten / Presidenten

**SIGRE:**
Den Här Claude THEISEN huet d'Resultat vun enger Enquête vum SIGRE virgestallt, déi d'Joren 2017-2020 betrëfft. Dës huet festgestallt, dass d'Quantitéit vum normalen Haushalts-Offall ëm 17-20% zréckgaangen ass.

Wat d'Collecte vun der VALORLUX ugeet, sou ass ze bemierken, dass eng national Léisung amgaang ass sech ze konkretiséieren. D'Firma VALORLUX wärt an deenen nächste Méint méi Informatiounen heizou kommunizéieren.

## *10. Syndicats / Commissions – Informations des délégués / Présidents*

***SIGRE:***
*Monsieur Claude THEISEN a présenté le résultat d'une enquête faite par le SIGRE pour les années de 2017-2020. Il faut dire qu'on constate une réduction considérable des déchets ménagers de 17-20 %.*

*En ce qui concerne le ramassage VALORLUX, une solution nationale est en train de se concrétiser. Dans les mois à venir plus d'informations vont être communiquées par la société VALORLUX.*

Och wat d'Waasserschutzzonen betrëfft, sou ass een op der Zielgerued mat der Validatioun vun de Moossnamen.

**CIGR:**
Den Här Robert MEHLEN huet matgedeelt, dass een eng grouss Verännerung an alle Beräicher géif bemierken, säit d'Presidence gewiesselt huet. Fir op laang Siicht besser kënnen ze plangen, hätt den CIGR qualifizéiert Personal agestallt. Ausserdeem funktionéiert de Service Vëlo fir Touristen net besonnesch gutt. Dofir ass de CIGR amgaang eventuell Collaboratiounen mat privaten Acteuren, wéi z.B. dem ACL oder der Firma Emile Weber ze analyséieren.

**SIDEST:**
Den interkommunalen Syndikat SIDEST ass amgaang un zwee neie Projeten ze schaffen:

- Den Uschloss vun der Uertschaft Mënjecker un d'Kläranlag zu Gréiwemaacher
- D'Vergréisserung an d'Modernisatioun vun der Kläranlag vu Manternach.

Wat den Uschloss vu Mënjecker un d'Kläranlag betrëfft, sou ass een amgaang den Dossier fir d'Soumissiounen auszeschaffen. Fir den Projet vun Manternach steet een allerdéngs nach an enger éischter Phase vun der Pré-Etude fir iwwerhaapt emol e Projet kënnen opzesetzen.

Déi rezent Resultater vun den Analysen vum Corona-Virus an der Kläranlag zu Gréiwemaacher weisen eng konstant Situatioun op héijem Niveau.

**SYNECOSPORT:**
Déi aktuell Situatioun ass ganz positiv. Et gëllt hei deem ganz engagéierten Personal aus dem Synecosport e grousse Merci auszeschwätzen, fir déi gutt Gerance vun der Situatioun.

**Jugend- a Sportskommissioun:**
Den Här Buergermeeschter Jean-Pierre HOFFMANN informéiert doriwwer, dass en Ufänger-Lafcours wäert organiséiert ginn. Ausserdeem wäert d'Gemeng un der Nuit du Sport deelhuelen.

*En ce qui concerne les zones de protection en matière d'eau potable, on se trouve à la dernière ligne droite avec la validation du catalogue de mesures.*

***CIGR:***
*Monsieur Robert MEHLEN communique qu'on constate un grand changement dans tous les domaines depuis le changement de la présidence. Afin de prévoir une mission et stratégie à long terme, le CIGR vient d'engager du personnel qualifié. En outre, le service Vélo touristique du CIGR ne fonctionne pas bien. Par conséquent, le CIGR est en train d'analyser de possibles collaborations avec des acteurs privés, comme par exemple l'ACL ou encore le société Emile WEBER.*

***SIDEST:***
*Le syndicat intercommunal SIDEST est en train de préparer nos deux projets, à savoir:*

- *Le raccordement de la localité de Münschecker à la station d'épuration de Grevenmacher*
- *L'agrandissement et modernisation de la station d'épuration de Manternach.*

*En ce qui concerne le raccordement de la localité de Münschecker, le syndicat est en train de préparer le dossier de soumission. Par contre, pour le projet d'agrandissement de la station d'épuration de Manternach, le syndicat se trouve encore dans une phase de pré-étude pour élaborer un possible projet.*

*Les résultats récents des prélèvements d'échantillons en matière du coronavirus dans la station d'épuration à Grevenmacher nous montrent une situation stable à haut niveau.*

***SYNECOSPORT:***
*La situation actuelle est très positive. Il faut remercier l'engagement du personnel du SYNECOSPORT, qui gère bien la situation.*

***Commission des jeunes / sport***
*Monsieur le Bourgmestre, Jean-Pierre HOFFMANN a informé le public de l'organisation d'un cours de course pour débutant.*
*En outre, il déclare que la commune de Manternach envisagera une participation à la NUIT du SPORT.*

## 11. Kommunikatioun vum Schäfferot a Froe vun de Conseilleren

Den Här Buergermeeschter informéiert d'Madamm Marie-Rose LEHMANN, Gemengerot, dass hir Demande fir eng weider Poubelle zu Mënjecker beim Busarrêt opzeriichten ëmgesat ginn ass.

Als Äntwert op dem Här Robert MEHLEN, Gemengerot, seng Demande fir eng ëffentlech Kompost-Plaz an der Gemeng ze installéieren, informéiert den Här Buergermeeschter, dass den Syndikat SIGRE Kompost zum Kaf ubitt. Hien werft awer d'Idee op, fir zesumme mam Klimateam en Evenement ze plangen, änlech wéi d'Klimateam vu Gréiwemaacher et organiséiert hat, wou Kompost kéint verdeelt ginn.

De Projet vun den Placken mat den Hausnimm ass an der leschter Phase vun der Preparatioun. Beispill-Placken sollen um Gemengenhaus an „a Wiewesch" opgehaange ginn.

De Projet vum Bau vun engem neien Pompjeesbau fir den CGDIS ass an der Pré-Etude fir déi definitiv Plaz festzeleeën, wou e soll gebaut ginn. E Bureau d'étude ass amgaang d'Modifikatioun vum PAG ze preparéieren, fir d'Prozeduren ze lancéieren.

De Projet „um Bierg / Neie Wee" zu Berbuerg gëtt deemnächst mat der Erneierung vun de Stroosseluuchten am neie Wee ofgeschloss.

Zu Manternach gëtt de Parking vun der CFL vergréissert an et gëtt eng „M-Box" installéiert. D'Ufro vum Schäfferot bei der CFL hat also Friichte gedroen.

Zousätzlech ginn deemnächst, am Kader vum „Séchere Schoulwee" och nach 2 Zebrasträifen zu Manternach ugeluecht.

Fir ofzeschléissen huet den Här Buergermeeschter nach d'Resultater vun der Analyse vum Inventaire vum Drénkwaasser presentéiert. Et sinn e puer Schwaachpunkten ausgemaach ginn, mee am grousse Ganzen ass de Reseau an engem gudden Zoustand.

## *11. Communication du collège des bourgmestre et échevins et questions des conseillers*

*Monsieur le Bourgmestre informe la conseillère, Marie-Rose LEHMANN que sa demande pour installer une poubelle supplémentaire près du couloir de bus à Münschecker, a été prise en compte et la poubelle a déjà été mise en place.*

*En ce qui concerne la demande de Monsieur Robert MEHLEN pour la création d'un lieu de compost pour le public, Monsieur le Bourgmestre informe que le syndicat SIGRE propose un achat de compost. Cependant, il suggère que le „Klimateam" pourrait organiser un événement de distribution, semblable à l'organisation du „Klimateam" de la Ville de Grevenmacher.*

*Le projet de panneaux de maisons est en phase préparatoire d'exécution. Des panneaux modèles vont être installés à la maison communale et le centre „A Wiewesch".*

*Le projet de construction d'un nouveau hall pour le CGDIS se trouve dans la phase de pré-étude afin de fixer l'emplacement du bâtiment en question. Un bureau d'étude est en train de préparer la modification ponctuelle du PAG pour pouvoir lancer la saisine de celle-ci.*

*Un autre projet, „Um Bierg / Neie Wee", va bientôt être terminé après la réception des travaux de renouvellement de l'éclairage public au Neie Wee à Berbourg.*

*À Manternach, l'agrandissement parking CFL va être exécuté et une „M-Box" sera installée. La requête lancée par le collège échevinal auprès de la CFL a porté ses fruits.*

*En plus, les travaux pour les deux passages pour piétons à Manternach vont bientôt être exécutés. Ceci sont des travaux réalisés dans le cadre du „Séchere Schoulwee".*

*Finalement, Monsieur le Bourgmestre Jean-Pierre HOFFMANN présente les résultats de l'étude concernant l'établissement de l'inventaire du réseau potable dans la commune de Manternach. Certains points faibles ont été identifiés, mais généralement l'état du réseau d'eau potable est en bon état.*

## Uwiesend / *Présents:*

HOFFMANN Jean-Pierre, Buergermeeschter / Bourgmestre
KLEIN-UNGEHEUER Alix, Schäffin / Échevine
THEISEN Claude, Schäffen / Échevin
KLEIN-SEIL Henriette, THOSS-LEHMANN Marie-Rose, MEHLEN Robert, KRIER-STEINMETZ Isabelle, Hellers Franky, Gemengerot / Conseillers

## Absent / *Absents:*

a) entschëllegt / excusé(e)s: SCHRAM-PETRI Alice, Gemengerot, KLEIN-UNGEHEUER Alix, Schäffin / Échevine (pt.5.3)
b) onentschëllegt / sans motif: /

# Gemengerotssëtzung
# *Réunion du conseil communal*
# vum *du* 02.06.2021

## 1. Restantenetat nom Ofschloss vum Exercice 2020

D'Membere vum Gemengerot hunn eestëmmeg decidéiert dass de Receveur soll probéieren oppe Rechnungen iwwer e Montant vun 8.139,88 € weider anzedreiwen an hunn him d'Decharge ginn fir e Montant vun 41.40 €.

## *1. Etat des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2020*

*Les membres du conseil communal ont décidé à l'unanimité de charger le receveur de poursuivre le solde des recettes restant à recouvrer au montant de 8.139,88 € et donne la décharge pour un montant de 41,40 €.*

## 2. Unhuele vu Recetten

Folgend Recette sinn eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl ginn:

## *2. Approbation de recettes*

*Les titres de recettes suivants ont été approuvés à l'unanimité des voix des membres présents:*

| *Article budgétaire* | *Libellé* | *Montant* |
|---|---|---|
| *2 / 170 / 744560 / 99001* | *Fonds de dotation globale des communes tranche avril* | *848 621,00 €* |
| *2 / 180 / 768000 / 99001* | *Remboursement frais adm. Late Night Bus Atert* | *1 000,00 €* |
| *2 / 180 / 768000 / 99001* | *Indemnité immobilisation Renault Master WK9903* | *15,00 €* |
| *2 / 425 / 705100 / 99001* | *Production énergies renouvelables* | *348,36 €* |
| *2 / 425 / 705100 / 99001* | *Production énergies renouvelables* | *1 051,78 €* |
| *2 / 425 / 705100 / 99001* | *Production énergies renouvelables* | *1 051,78 €* |
| *2 / 425 / 705100 / 99001* | *Production énergies renouvelables* | *348,36 €* |
| *2 / 425 / 705100 / 99001* | *Production énergies renouvelables* | *677,53 €* |

| | | |
|---|---|---|
| 2 / 412 / 702200 / 99002 | *Vente de bois long* | *3 950,26 €* |
| 2 / 412 / 702200 / 99002 | *Vente de bois long* | *601,05 €* |
| 2 / 413 / 708211 / 99001 | *Location de la chasse / pêche* | *11,70 €* |
| 2 / 413 / 708211 / 99001 | *Location de la chasse / pêche* | *137,15 €* |
| 2 / 413 / 708211 / 99001 | *Location de la chasse / pêche* | *480,55 €* |
| | **Total:** | **2 099 923,52 €** |

## 3. Unhuelen vu Morcellementer

a. De Gemengerot huet eestëmmeg de Plang vum Morcellement vun enger Parzell innerhalb vum Perimeter ënner der Kadasternummer 1273 / 3856 vun der Sektioun E vu Berbuerg ugeholl.
b. De Gemengerot huet eestëmmeg de Plang vum Morcellement vu Parzellen innerhalb vum Perimeter ënner de Kadasternummeren 734 / 2317, 730, 729 vun der Sektioun A vu Lelleg ugeholl.
c. De Gemengerot huet eestëmmeg de Plang vum Morcellement vun enger Parzell innerhalb vum Perimeter ënner der Kadasternummer 1750 / 3329 vun der Sektioun A vu Lelleg ugeholl.
d. De Gemengerot huet eestëmmeg de Plang vum Morcellement vun enger Parzell innerhalb vum Perimeter ënner der Kadasternummer 1750 / 3326 vun der Sektioun A vu Lelleg ugeholl.
e. De Gemengerot huet eestëmmeg de Plang vum Morcellement vun enger Parzell innerhalb vum Perimeter ënner der Kadasternummer 1098 / 3147 vun der Sektioun A vu Lelleg ugeholl.

## *3. Approbation de morcellements*

*a. Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents le plan prévoyant le morcellement de la parcelle se trouvant à l'intérieur du périmètre au cadastre sous le numéro 1273 / 3856 dans la section E de Berbourg.*
*b. Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents le plan prévoyant le morcellement des parcelles se trouvant à l'intérieur du périmètre au cadastre sous les numéros 734 / 2317, 730, 729 dans la section A de Lellig.*
*c. Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents le plan prévoyant le morcellement de la parcelle se trouvant à l'intérieur du périmètre au cadastre sous le numéro 1750 / 3329 dans la section A de Lellig.*
*d. Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix des membres présents le plan prévoyant le morcellement de la parcelle se trouvant à l'intérieur du périmètre au cadastre sous le numéro 1750 / 3326 dans la section A de Lellig.*
